## 58ten WM  Boot Fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*28.09.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*

Eis Equipe besteet aus:
Royer René, Stemper André, Hansen Jean-Pierre an Micucci Giovanni (Kapitän), Tessy Schröder ass eis  Begleitpersoun.

De Jemp ass well Samschdeg den 23ten September an Novigrad ukomm an huet sech Situatioun op der Platz gemittlech ugekuckt.
Tessy an den André sinn e Mëttwoch ukomm, wéi och den René an Giovanni.

Mir sinn an zwee Mobilhomen op engem Camping ënnerbruecht, wat net ganz weit vum Hafen läit.




D’ Wieder weist sech vun der beschten Säit.
Gester an haut war et 30 Grad. Schéine Bonjour op Lëtzebuerg!!
Haut hate mir dann och eisen éischten Trainingsdag mat Bescheidenen Resultater.
Et sinn net vill Fësch do an wann en puer Fësch un Bord hieft, sinn et och keng ganz grousser.
Mir haten +/- 60 Fësch zesummen.
Muer fuere mir bëssi méi wäit eraus, an der Hoffnung dass mir méi Fësch op eisem Kont kënnen zielen.